



POMPJÉESVERBAND

FLASH

Abrëll 2021

Kolleginnen a Kollegen Pompjeeën am CGDIS,

- An der Ausgab 02/2021 vum Bulletin de lëtzebuurger Pompjee ass en Artikel aus dem Joer 1941 publizéiert ginn, deen aus enger "Gleichgeschalteter" Nazi-Zeitung wor. Zu dëser schwéierer Zäit waren eis Federatioun an eis Corpsen hei am Land vum Okkupant verbueden. Den Artikel weist ee Versuch vum Nazi-System och eis Pompjeeën gläicheschalten.

Ons Leit hunn sech deemools viles misse gefale loossen fir kënnen weiderhin hiren Matbierger ze hëllef. Et wor déi eenzeg Méiglechkeet fir kënnen weiderhin Pompjee ze bleiwen. An eise Reie gouf et awer och Resistenzler a Leit déi a Lager an a KZ'en koumen.

Dësen Artikel ass eng Zäit-Opnam an ass als historiescht Dokument ze verstoen. Leider gehéiert des Zäit och zu eiser Geschicht.

- Op dëser Plaz e puer Informatiounen zu de Coden déi de CGDIS benotzt wann Remboursementer gemaach ginn.

Remboursements DYNAFORMS

AC-	Remboursement assurance complémentaire	hei kennt d'Joer dobai	z.B: AC-21
FL-	Frais de route au Luxembourg	hei kennt d'Joer + Mount dobai	z.B: FL-21-04
FG-	Frais Généraux		
DR-	Frais de représentation		

Déi wichtegst Punkten, déi bei der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 22. Abrëll 2021 beschwat goufen.

- Den Zentralvirstand hat eng Versammlung mam Generaldirekter vum CGDIS, Paul Schroeder iwver verschidden Themen, ënner anerem de "pompier de support", d'Indemnitéiten fir "alerte générale", de RAGTAL, d'Staatsmedaillen an aner Themen.
- D'Generalversammlung gétt iwwert Bréifwal ofgehalen an soll Ufank Mee un d'Amicallen verschéckt ginn.
- All CIS/GIS Chef an Adj. soll op Ufro vum Verband Accès op d'Formatiounsprécis um Sharepoint vum CGDIS kréien.

Marc MAMER
President

Sait 1 vun 1



bureau@fnsp.lu



28 55 641



www.fnsp.lu



<http://www.facebook.com/fnsp.lu/>



7, rue Chr. Plantin
L-2339 Lëtzebuerg